



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg op d'parlamentaresch Fro n°7604 vum 16. Februar 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Utilisation de treillage métallique par les services de l'État"

1. Huet de Staat och Plazen, wou en Ursus-Drot opgeriicht huet, wou d'Réi an aner Déiere kéinten dran hänke bléiwen an sech verletzen oder souguer stierwen? Wa jo, wou ass iwwerall des Drot?

Et gëtt kee Relevé beim Staat iwwert d'Dréit déi uechter d'Land stinn.

Den Ursus-Drot gëtt haaptsächlech am Bësch fir Weisergatter, fir de Schutz vu Verjüngungsflächen a Plantatiounen an am Oppeland fir d'Schofsbeweedung genotzt. An Eenzelfäll gëtt och bei Béischten aus Sécherheetsgrënn laanscht d'Eisebunn oder laanscht d'Strooss Ursus-Drot agesat.

Den Ursus-Drot ass gutt fir dësen Zweck ze erfëllen. Dësen Drot huet de Virdeel vis-à-vis vu méi klengmaschegem Drot, datt méi kleng Déieren (wéi z.B. Wëll Kaz, Bammarder, Sténkert) duerch d'Masche kommen an iwwert di hëlze Péil kënne klammen. Domat gëtt evitéiert, dat dësen Déieren hire Liewensraum zerschnidde gëtt.

Bei de Weisergatter ass d'Fläch, déi agezénkt gëtt esou kleng an den Drot esou héich, dat d'Réi guer net probéieren driwwer ze sprangen, mee ronderëm ginn. Do wou et drëm geet, d'Réi aus méi grouss Flächen erauszehalen, muss den Drot och méi héich sinn. An dëse Fäll ginn dann Deelfläche gemaach, wou ee Korridor dotëscht bleift, deen d'Réi kënne passéieren.

Bei der Schofsbeweedung ass den Drot an der Reegel net esou héich datt d'Réi géifen dran hänke bleiwen, a wann ee fir d'Wanderbeweedung opgeriicht gëtt, ginn en plus grouss Ouverture gelooss wa keng Schof op der Fläch sinn.

2. Wisou gouf ugefaangen dësen Drot ze benotzen, wann gewosst war, wat d'Konsequenze fir Déiere sinn?

D'Grënn fir Ursus-Drot sinn fir d'Réi, d'Rout- an Damwëld vu jonke Beem ewech ze halen, d'Schof an d'Geessen an enger Beweedungsfläch dran ze halen oder Haushënn aus Beweedungsflächen erauszehalen. An dëse Situatiounen géif een Zonk aus e puer Dréit (glat oder mat Picken) net duergoen, well d'Déieren sech duerch sou een Drot kënne quëtschen.

Den Ursus-Drot huet och de Virdeel vis-à-vis vu méi klengmaschegem Drot, dat méi kleng Déieren (wéi z.B. Wëll Kaz, Bammarder, Sténkert) duerch d'Masche kommen an iwwert di hëlze Péil kënne klammen. Domat gëtt evitéiert dat dësen Déieren hire Liewensraum nach méi zerschnidde gëtt.

3. Am Fall wou de Staat Ursus-Drot benotzt, ass geplangt dësen ze ersetzen? Wa jo, bis wéini soll dësen iwwerall ersat sinn? Wa nee, firwat net?

Wéi virdrun erkläert, ass net all Ursus-Drot geféierlech, deemno mécht et kee Sënn deen elo iwwerall systematesch ze ersetzen. Do wou et méiglech ass, ginn am plaz vum Ursus-Drot hëlze Clôturen opgeriicht. Grouss hëlze Clôture sinn awer aus Grënn vun der Topologie vum Terrain an hirer Stabilitéit net ëmmer ëmsetzbar.

4. Wat géifen Alternativen aus Holz un zousätzleche Käschte bedeiten?



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Dëst kann net pauschal beäntwert ginn, well d'Käschte vun der Gréisst vun der Fläch, der Héicht vun der Clôture an de Gegebenheeten um Terrain ofhänken. Generell kann een awer soen dass eng Clôture aus Holz méi deier ass.

5. Ass am Moment geplangt den Ursus-Drot op neie Plazen anzesetzen?

Jo, wéi uewen duergestallt geet et a verschidde Situatiounen net ouni Ursus-Drot. Natierlech gëtt awer opgepasst, datt dës Clôture fir Réi an aner Hirschaarten keng Verletzungsgefor duerstellen.

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung